



Här Claude Wiseler

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. September 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Kader vun der Weiderentwécklung vun der Sproochenoffer an den internationale Schoule soll d'Lëtzebuergesch vum Schouljoer 2027/2028 un als „Other National Language – Luxembourgish“ (ONL-Lux) ugebuede respektiv weider ausgebaut ginn. Domat soll d'Lëtzebuergesch och an den internationale Bildungsweeër eng méi fest a strukturéiert Plaz kréien an de Schüler d'Méiglechkeet gebuede ginn, hir Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch systematesch opzebauen an iwwer hir Schoulcarrière weiderzeentwéckelen.

Dës Entwécklung ass am Kontext vun der wuessender Bedeitung vun den internationale Schoulofferen zu Lëtzebuerg besonnesch relevant. Eng ëmmer méi grouss Zuel vu Schüler gëtt an dës Filiëren enseignéiert, soudatt sech och d'Fro stellt, wéi d'Lëtzebuergesch an dës Bildungsweeër dauerhaft an op engem héije qualitativen Niveau kann ugebuede ginn. Dobäi geet et net nëmmen ëm d'Ausschaffe vu Léierprogrammer an déi konkret Organisatioun vun de Coursen, mee och ëm d'Disponibilitéit vu genuch qualifiziertem Léierpersonal.

Mat der Ëmsetzung vun ONL-Lux vum Schouljoer 2027/202 (obligatoresch vum S1 bis S3) un dierft de Besoin u Lëtzebuergeschcoursen an domat och u qualifizierten Enseignanten an den internationale Lycéeë klammen. Et ass dofir wichteg ofzeschätzen, wéi vill Schüler dës Offer ab dem S4 als Optioun wäerte beleeën, wéi vill zousätzlech Coursen a Gruppe müssen ageriicht ginn a wéi vill Enseignanten dofir gebraucht ginn. Dobäi stellt sech och d'Fro, ob déi aktuell personell Ressourcen duerginn oder ob zousätzlech Poste geschaf an nei Enseignantë rekrutéiert respektiv ausgebild musse ginn.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Wéi vill Schüler vun S4 bis S7 wäerte vun 2027/2028 un an den internationale Lycéeë Lëtzebuergesch Other National Language als Optioun hunn? Gëtt et do schonn éischt Estimatiounen?

- Wéi vill Lëtzebuergeschcoursen a Klassen entstinn duerch d'Afféiere vu Lëtzebuergesch als ONL zousätzlech, och op de Klassen S1 bis S3?
- Wéi vill Enseignantë ginn dofir gebraucht, am Ganzen an opgeschlësselt no Lycée? Wéi vill zousätzlech Enseignantposte musse geschaf ginn?
- Wéi vill Lëtzebuergeschenseignantë sinn aktuell am nationale Schoulsystem an an den internationale Lycéeën agesat? Wéi vill dovun si vollzäit, Deelzäit oder mat enger anerer Fächerkombinatioun?
- Gëtt et aktuell schonn e Manktem u qualifizéierte Lëtzebuergeschenseignantën, a wéi gëtt dëse Manktem bis 2027/2028 opgefaangen? Wéi ass d'Situatioun aktuell bei de qualifizéierte Lëtzebuergeschenseignantën, a wéi soll de Besoin u Léierpersonal – Primary wéi Secondary – bis d'Schouljoer 2027/2028 gedeckt ginn?
- Huet de Ministère eng Projektioun fir déi nächst 5 bis 10 Schouljoren, well d'Zuel vun de Schüler an den internationale Filière weider klamme kéint? Wéi eng Entwécklungen erwaart de Ministère bei der Schülerzuel an den internationale Filièren an de nächste 5 bis 10 Schouljoren, a wéi eng Konsequenzen huet dat fir d'Schoulplanung?
- Sinn déi entspriechend Léierprogrammer scho prett? Wann nee, wéini sollen dës virleien?
- Wëssend, dass d'Afféierung vu Lëtzebuergesch als Other National Language och en Impakt op de Primary wäert hunn, wéi schätzt de Ministère déi aktuell an an Zukunft Besetzung vun den Enseignantën do an? Wéi vill Enseignantë wäerte musse rekrutéiert ginn a mat wéi enge Profiller a Qualifikatiounen?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Ricardo MARQUES







**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 4712 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

- 1. Wéi vill Schüler vun S4 bis S7 wäerte vun 2027/2028 un an den internationale Lycéeën Lëtzebuergesch
Other National Language als Optioun hunn? Gëtt et do schonn éischt Estimatiounen?**

Zu dësem Moment leien nach keng Estimatiounen dozou vir. Dëst wäert um Enn vum aktuelle
Schouljoer de Fall sinn, wann d'Lycéeën hir Schoulorganisatioun fir d'Joer 2027/2028 opstellen.

- 2. Wéi vill Lëtzebuergeschcoursen a Klassen entstinn duerch d'Aféiere vu Lëtzebuergesch als ONL
zousätzlech, och op de Klassen S1 bis S3?**

- 3. Wéi vill Enseignantë ginn dofir gebraucht, am Ganzen an opgeschlësselt no Lycée? Wéi vill
zousätzlech Enseignantposte mussen geschaf ginn?**

Lëtzebuergesch ass och aktuell schonn en obligatorescht Fach op de Klassen S1 bis S3. Duerch
d'Aféierung vum Lëtzebuergesch als ONL wäerten deemno keng zousätzlech Coursen oder Klassen
entstoen; et ginn och keng zousätzlech Enseignantë gebraucht.

En zousätzlechen Besoin wäert entstoen, wann d'ONL Lëtzebuergesch ab der S4 gewielt gëtt, dëst mat
véier Wochestonnen; hei ka bis 2030 mat ronn engem hallwe Poste méi pro Gebai gerechent ginn.

- 4. Wéi vill Lëtzebuergeschenseignantë sinn aktuell am nationale Schoulsystem an an den
internationale Lycéeën agesat? Wéi vill dovun si vollzäit, Deelzäit oder mat enger anerer
Fächerkombinatioun?**

Den Tableau hei drënner weist d'Zuel vun den Enseignanten, déi Lëtzebuergesch halen, mat den
zousätzlechen Detailer, déi den honorabelen Deputéierte freet.

	<i>Zuel vun Enseignanten, déi nëmme Lëtzebuergesch halen</i>	<i>Zuel vun Enseignantë mat zousätzlechen Fächer</i>
Vollzäit	35	373
Deelzäit	3	77
Total	38	450

- 5. Gëtt et aktuell schonn e Manktem u qualifizéierte Lëtzebuergeschenseignanten, a wéi gëtt dëse
Manktem bis 2027/2028 opgefaangen? Wéi ass d'Situatioun aktuell bei de qualifizéierte
Lëtzebuergeschenseignanten, a wéi soll de Besoin u Léierpersonal – Primary wéi Secondary – bis
d'Schouljoer 2027/2028 gedeckt ginn?**

Et gëtt aktuell kee Manktem u qualifiziertem Léierpersonal am Beräich vum Lëtzebuergesch; dëst
geet och aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2539 ervir. Wéi uewe schonn erwänt, wäert
bis 2027/2028 och keen zousätzlechen Besoin entstoen.

6. Huet de Ministère eng Projektioun fir déi nächst 5 bis 10 Schouljoren, well d'Zuel vun de Schüler an den internationale Filière weider klamme kéint? Wéi eng Entwécklungen erwaart de Ministère bei der Schülerzuel an den internationale Filiären an de nächste 5 bis 10 Schouljoren, a wéi eng Konsequenzen huet dat fir d'Schoulplanung?

Eng Projektioun, wat d'Entwécklung vun der Schoullandschaft betrëfft, ass duerch de Plan directeur sectoriel Lycées virgeholl ginn, deen de Bau vun 11 weidere Lycéeë virgesäit, dëst duerch déi weider Entwécklung vun den Awunnerzuelen zu Lëtzebuerg, déi sech och bei de Schülerzuelen erëmspigelt. Déi schoulesch Offer vun de neie sou wéi vun de besteeënden Lycéeën passt sech der nationaler a regionaler Demande un a viséiert eng komplett schoulesch Offer an alle Regiounen vum Land. Am aktuelle Regierungsprogramm sinn dräi nei ëffentlech Europaschoule virgesinn. Fir d'Europaschoul vu Schëffleng ass am Dossier de conformité, deen zu Bréissel deposéiert gouf, folgend Entwécklung vun de Schülerzuele virgesinn:

	2027/2028	2028/2029	2029/2030	2030/2031	2031/2032
Primary	375	375	375	375	375
Secondary	225	300	375	450	525

Mat änlechen Zuelen ass och fir déi aner Schoulen ze rechnen, sou datt déi entspriechend Enseignantë wäerten agestellt ginn.

7. Sinn déi entspriechend Léierprogrammer scho prett? Wann nee, wéini sollen dës virleien?

D'Léierprogrammer fir sämtlech Klasse sinn amgaang, ausgeschafft ze ginn a wäerte fir d'Rentrée 2027/2028 virleien.

8. Wëssend, dass d'Aféierung vu Lëtzebuergesch als Other National Language och en Impakt op de Primary wäert hunn, wéi schätzt de Ministère déi aktuell an an Zukunft Besetzung vun den Enseignanten do an? Wéi vill Enseignantë wäerte musse rekrutéiert ginn a mat wéi enge Profiller a Qualifikatiounen?

Duerch d'Aféierung vum Lëtzebuergesch als ONL wäert keen zousätzleche Besoin u Léierpersonal entstoën, well Lëtzebuergesch aktuell och am *Primary* schonn obligatoresch ass. Zousätzlech Enseignantë gi just doduerch gebraucht, datt d'Zuel vun de Schüler klëmmt.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH